

d' Peffermillen

Am Ufank wor de Koschter veriergert, dass en den Avis vun der AFP a vum Priesterrot zum Entworf vum Erzéiungsministär iwert d' Aféierung vun enger Sexualerzéiung an de Primärschoulen an der Press servéiert krut, ouni och den offiziellen Entworf do liesen ze kënnen. Bei sänge Recherchen as en awer gewuer gin, dass dat nët der Press hier Schold as, mä dass de Ministär säin Entworf guer nët veröffentleche wëllt, a wëlles huet di Sexualerzéiung duerch einfach "instruction ministérielle" anzeféieren, ouni weider öfentlech Diskussioun. Ouni op de Fong vum Problem anzegoen an d' Stellungnahm vum Priesterrot am Détail ze diskutéieren, versteet de Koschter de Priesterrot, wann e schreift, di Aféierung vun enger Sexualerzéiung géif "etwas überstürzt anmuten".

m.p.